N°453
Entrée le 11.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.03.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

Wéinst deenen héije Wunnengspräisser um Wunnmarché musse vill Stéit op ëffentlech Initiativen zeréckgräifen, déi Wunnraum zu engem erschwéngleche Präis ubidden.

Verschidde Wunnengen gi vun enger Agence immobilière sociale (AIS) ugebueden am Kader vun der Gestion Locative Sociale (GLS), wou de Staat a Kooperatioun mat Organisatiounen (ASBLen, Fondatiounen, Gemengen, etc.) zesummeschafft. Dës Agencen probéieren, fir Wunnengen zu engem gerechte Präis un déi Leit ze verlounen, déi se brauchen.

Elo ass et esou, dass dës Agencen awer och Leit aus hire Wunnengen erausgeheie kënnen. Mir sinn eleng am Raum Péiteng 7 Fäll bekannt vu Familljen, déi deemnächst aus hirer GLS-Wunneng wäerten erausgesat ginn an déi an den nächsten Deeg wäerten hier Wunnengen verlosse mussen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat ginn aktuell esou vill Locatairen aus de Wunnengen am Kader vun der GLS erausgeheit?
2. Firwat kënnt et aktuell zu méi Fäll?
3. Wat mécht de Staat zesumme mat senge GLS-Partner, fir dass déi Leit net op der Strooss landen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten